



N°123
Entrée le 18.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.12.2023
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.

Zu Péiteng soll een Eisebunnsmusée opgemaach ginn, an deem, nieft historieschem Fuermaterial, och verschidden historiesch wäertvoll Deeler vun der Ettelbrécker Gare sollen agebaut ginn. D'Gemeng Péiteng huet sech dofir ee Virkafsrecht bis 2025 op een Terrain no vun der Gare geséichert, fir dass de Staat de Musée hei baue kann, wéi d'Plattform virgule.lu dat och 2022 bericht hat. De Ball läit also elo beim Kulturminister.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Kulturminister um Bau vum Eisebunnsmusée zu Péiteng festhalen?
2. Bis wéini wäert ee konkrete Projet fir de Site zu Péiteng virleien?
3. Wéi soll d'Käschtenopdeelung téschent der Gemeng an dem Staat ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten





Gemeinsam Äntwert vum Kulturminister Eric Thill an der Ministesch fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n° 123 vum 18. Dezember 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen

De Kulturministère an de Ministère fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten si mam Projet vum Centre national du patrimoine ferrovaire - Zuchmusée befaasst. Den Institut national pour le patrimoine architectural – INPA an d'CFL - Société nationale des chemins de fer luxembourgeois sinn amgaangen e Projet zesummen auszeschaffen.

Dëse Projet steet op der Lëscht vun zukünftege Bauprojeten déi d'Regierung der Chamber am Juli 2023 virgeluecht huet. Do ass proposéiert, datt de Staat dëse Projet aus dem Fonds du rail géif finanzéieren.

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2024

De Kulturminister

(s.) Eric Thill